Jo‘r fir Jo‘r



Refrain
Jo‘r fir Jo‘r, sou ëm d’Mëtt vum November
fänken d’Engelcher d’Feier ’rëm un,
’t ass geschwënn nees de 6. Dezember,
an ’t ass dat wat sou gäre mir hunn.

1. Strof
Wann de Kleeschen amgaang ass ze baken,
an den Housécker d’Stiwwele schmiert,
dausend Engelcher d’Saache verpaken,
an den Iesel schon d’Reesféiwer spiert.

Refrain
Jo‘r fir Jo‘r, ‘sou ëm d’Mëtt vum November,
gëtt de Schong nees op d’Fënster gesat,
t’ass geschwënn nees de 6. Dezember,
den Zinniklos geet duerch d’Duerf an
duerch d’Stad.

De Boxemännchen

Keen ass wéi de Boxemännchen,

mockleg, glat a ronn,

fest gebak a brong gebrannt,

blénkt e wéi eng Sonn.

Bei der Fënster am November



Bei der Fënster am November

kuckt ee Kand eraus,

an de Kleeschen dee geet laanscht,

hien huet d'Kand gesinn.

Ech setzen de Schong



1. Léiwe Kleeschen, ech si frou,
dass du bei mech kënns.
Si gespaant ob s du mäi Schong
bei der Hausdir fënns.
Wat lees du mir dran?
Nëss, eng Lutsch, e Boxemann,
eng gutt Mandarin,
Schock'la kann et och gär sinn.

2. Kleeschen, ech hunn haut versicht,
e bravt Kand ze sinn.
Wann ech 'mol ze lieweg sinn,
kuck einfach net hin.
Bréngs du mir eng Rutt,
fannen ech dat guer net gutt.
Duerfir pass schéin op,
wann ech léif sinn a gutt drop.

Léiwen Ieselchen

Léiwen Ieselchen, du gudden,

friess dem Housécker seng Rudden,

pass gutt op de Kleeschen op,

da kriss du eng Rommelszopp.

Am Uewe potert d'Feier



Am Uewe potert d'Feier,
de Wanter jot ëm d'Haus;
de Fléiwel an der Scheier
klappt d'Fruucht an d'Huewer aus.

D'Schnéiflacke wiewen eng Decken,
dem Horizont op d'Mooss.
An allen Uewenecken
geet Rieds vum Zinniklos.

Dee schneid am Bësch nu Rudden,
a wäisser Wanternuecht;
an owes bei de Lueden
steet hie ganz heemlech Wuecht.

Wat d'Kanner dreemen an dreiwen,
dat mierkt hien sech ganz gutt;
wou d'Tell'ren eidel bleiwen
leet hien dernieft eng Rutt.

Den Housécker



Tap-tap-tap, do sinn dach Schrëtt,
Housécker, bass du dat net?

Schleefs deng Kette ronderëm,
huuh, dat kléngt e wéineg schlëmm!

Hues deng Rudden an der Hand,
sees: „Du wars net brav, mäi Kand!

Du kriss `lo eng Rutt vu mir,
trotzdem sinn ech frou mat dir!“

E grousse Kuchemann

De Charel krut vum Kleeschen
e grousse Kuchemann.
En duecht: „Du muss en iessen,
soss krauchen d'Mais der dran."

E knabbert drun a schmaacht
ganz ënnen un de Féiss,
e maufelt an e laacht,
hie fënnt dee Mann esou séiss.

En ësst all Dag eng Grëtz,
ganz wéi e brave Jong,
a well hie mécht keng Bëtz
krut 'n eppes an de Schong.

Kanner, loosst mer lëschteg sënn



1. Kanner, loosst mer lëschteg sënn,
well de Kleesche kënnt geschwënn:

Ref.: Kleesche, Kleesche, léiwen Zinniklos,
deen s du d'Kanner gären hues,
héier ons, hellg'en Niklos.

2. Lues schlauft hien an d'Haus eran
fir ons all grouss Freed ze man:

3. Gläich kuckt hien sech d'Zied'len un,
déi mir him geschriwwen hunn:

4. Fëllt dann d'Tell'ren an der Rei,
mat Gebäck a Spillgezei:

5. Mat vill Saache fir déi Gutt,
fir déi Wéischt näischt wéi eng Rutt:

6. An da flitt en huerteg gläich,
zréck nees op an d'Himmelsräich:

7. Mir si muerges op mat Zäït,
wann nach d'Nuecht ëm d'Haiser läit:

8. Stiermen dann op d'Tell're lass,
Mond an A ginn opgerass:

9. De Verstand bleift muenchem sto'n,
't ass e Gléck, 't ass net ze so'n:

10. An da sange mir voll Freed,
datt et héich zum Himmel geet:

Zinniklos, vergiess mech net



1. Zinniklos geet nees duerch d'Duerf,
mat vill Saachen an dem Kuerf.
An all Kanner wënschen dëtt:
„Zinniklos, vergiess mech net!

Zinniklos, Zinniklos, o vergiess mech net!
Zinniklos, Zinniklos, o vergiess mech net!“

2. Gudden Owend, hell'ge Mann,
wat ass an deem Kuerf do dran?
Gell, Du hues u mech geduecht,
eppes fir mech drageluecht.

Zinniklos, Zinniklos, fir mech drageluecht.
Zinniklos, Zinniklos, fir mech drageluecht.

3. Sangen nach e Lidd fir Dech,
Zinniklos, da frees De dech.
Dofir lee mir an de Schong:
Schock'la fir meng schneekeg Zong.

Zinniklos, Zinniklos, fir meng schneekeg Zong.
Zinniklos, Zinniklos, fir meng schneekeg Zong.

4. Villmools Merci, bleif net sto'n,
well Du muss jo weider go'n.
Kuck, all Kanner freeë sech,
a si waarde schon op Dech.

Zinniklos, Zinniklos, waarde schon op dech.
Zinniklos, Zinniklos, waarde schon op dech.

Den Housécker

Housécker mam schwaarze Baart,
ech hunn dech guer net gefaart!

Du gëss mir eng Tut, eng grouss!
An ech kommen op däi Schouss.

Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen



Mir waarden op een...

1. Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saachen allerhand,
fir ze kucke, fir ze schmaachen,
aus dem schéinen Himmelsland!

Bei der Dir, do stinn eis Telleren,
beieneen an enger Rei,
't läit och Hee do fir däin Iesel,
duerfir bréng ons Spillgezei,
't läit och Hee do fir däin Iesel,
duerfir bréng ons Spillgezei!

2. Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saachen allerlee,
mir eng Pëppchen an eng Wéichen,
onsem Charly eng nei Lee!

Dann nach eppes fir de Mëndchen,
domat sinn ech extra frou,
sou e klenge Schock'lasbëndchen
gëff mir Kleeschen heemlech zou,
sou e klenge Schock'lasbëndchen
gëff mir Kleeschen heemlech zou!

3. Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
bréng ons Saache, schéin a gutt,
bréng e Päerd mir an eng Gäissel,
wéi dir der am Himmel hutt!

Mat Kamellen, eng kleng Tiitchen,
Äppel, Biren, Hieselnëss;
awer maach och, gudde Kleeschen,
datt s de d'Mamma net vergëss,
awer maach och, gudde Kleeschen,
datt s de d'Mamma net vergëss!

4. Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen,
lauschter och wat d'Mamm dir seet:
„Maach mer frou meng häerzeg Kanner,
't ass fir mech déi gréisste Freed.

Laang nach looss se Kanner bleiwen,
't ass déi schéinst, déi glécklechst Zäit,
well d'Erënn'rong un déi Stonne
grad wéi Gold um Liewe läit,
well d'Erënn'rong un déi Stonne
grad wéi Gold um Liewe läit!"

Nach eemol ginn ech schlofen



1. Nach eemol ginn ech schlofen,
an ass der Dag dann no,
da wor de léiwen Zinniklos
mat senge Saachen do.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
da wor de léiwen Zinniklos
mat senge Saachen do.

2. Hien huet déi Wonnersaachen
an enger grousser Hatt,
déi schleeft de béisen Housécker
him allenenne mat.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
déi schleeft de béisen Housécker
him allenenne mat.

3. Dee brauch ech net ze fäerten,
ech kréien och keng Rutt,
ech war, dir kënnt meng Mamma fro'n,
jo ëmmer brav a gutt.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
ech war, dir kënnt meng Mamma fro'n,
jo ëmmer brav a gutt.

4. Meng Mamma huet dem Kleesche
geschriwwe laang a breet,
wat hie mir alles brénge soll
a wat mir méich vill Freed.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
wat hie mir alles brénge soll
a wat mir méich vill Freed.

5. E Päerdchen an e Weenchen,
Kuch, Knätsch a Schockela,
a fir meng butzeg Schwësterchen
e schéine Juppela.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
a fir meng butzeg Schwësterchen
e schéine Juppela.

6. Kuck Kleesche, gudde Kleeschen,
ech hunn och dru geduecht,
an dengem klengen Ieselchen
vill Schielen higeluegt.

Tradirallalla - tradirallalla,
tradira - tradira - tradira,
an dengem klengen Ieselchen
vill Schielen higeluegt.

7. Nu Kleesche, villmools merci,
awuer a glécklech Rees,
vu mir a vun der Schwësterchen
och nach eng klakeg Bees.

Tradirallalla – tradirallalla,
tradira - tradira – tradira,
vu mir a vun der Schwësterchen
och nach eng klakeg Bees.

Wat rabbelt bei eis an der Strooss?



1. Wat rab-belt bei eis an der Strooss?
Rab-bel-de-bam, rab-bel-de-bam.

Ass dat dann net den Zinniklos?
Rab-bel-de-bam, rab-bel-de-bam.

O Kleeschen, hues du vill ze dinn?
Rab-bel-de-bam, rab-bel-de-bam.

Och ech wëll ëmmer fläisseg sinn!
Rab-bel-de-bam, rab-bel-de-bam.

Och ech wëll ëmmer fläisseg sinn!
Kleesche komm!

2. Scho klappt et fest un eiser Dir!
Rab-bel-de-bam, rab-bel-de-bam.

Den Housécker trëtt net no vir!
Rab-bel-de-bam, rab-bel-de-bam.

O Kleeschen, komm bei eis an d'Haus!
Rab-bel-de-bam, rab-bel-de-bam.

Pak deng schéi Saache bei eis aus!
Rab-bel-de-bam, rab-bel-de-bam.

Pak deng schéi Saache bei eis aus!
Merci, nach!

Mäin Teller

Gëschter wor mäin Teller eidel,
haut de Moien ass e voll!

An ech hu mir schons ganz heemlech
e Stéck Schockela geholl.

Ei, de Kleesche kënnt geschwënn



Ei, de Kleesche kënnt geschwënn.
Hie freet sech op seng kleng Frënn.

A senger Hand hält hien e Staf.
Hie freet all Kand: „Wars du och brav?“

Da gräift en a säi grousse Sak,
a jidderee kritt e schéine Pak.

Merci, léiwe Kleeschen duerfir!
Mir si ganz vill frou mat dir!

Lu-lu-lu-lu-luussen



Lu-lu-lu-lu-luussen,
luusse gi mir alleguer,

lu-lu-lu-lu-luussen,
duerch d'Schlëssellach eran.

An dobannen - an dobannen - an dobannen - an dobannen
an dobannen, do si vill Saachen.

Lu-lu-lu-lu-luussen,
luusse gi mir alleguer,

lu-lu-lu-lu-luussen,
duerch d'Schlëssellach eran.

Den Zinnikleesche

't ass kal, dobaussen hault de Wand,
den Zinnikleesche geet duerch d'Land.
En huet sech op de Wee gemaach,
well 't ass säin hell'gen Namensdag.

E geet mat sengem grousse Kuerf
duerch jiddfer Gaass, duerch jiddfer Duerf.
A wou brav Kanner sinn am Haus,
do geet e 'ran, do deelt en aus.

Deen ee kritt dëtt, deen an'ren dat,
sou wéi et steet op sengem Blat.
En ass e gudden ale Mann,
a mécht alt wat e maache kann.

An huet e muerges, géint der Dag,
duerch d'Haiser da säin Tour gemaach,
da geet 'n am Éislék op eng Kopp
an heemlech an den Himmel op.

Chrëschtdag ass gläich!



1. Véier déck, rout Käerzen,
gréngen Dännekranz,
Stären an de Fënsteren
an helle Liichterglanz.

Ref.: An eist Häerz voll Freed,
maacht lech all bereet.
Et ass Advent, et ass Advent,
Chrëschtdag ass gläich!

2. Äppel, Mandarinen,
eis gefällt deen Doft,
an en Hauch vun Heemlechkeete
läit 'lo an der Loft.

3. Léif verpaakte Päckelcher,
iwwerall verstoppt,
frësch, gebake Kichelcher
ei, mir free'n eis drop.

4. D'Mënschen, och déi fannen,
Zäit nees fireneen,
a mir sangen déi al Lidder
an der Stuff doheem.

Ech maachen eng Dir op

Ech maachen eng kleng Dir
vum Adventskalenner op.
Ech sinn esou gespaant,
well wat ass dra verstoppt?

Ass et e Bild vum Kleeschen,
vum Housécker mam Bengel,
ass et eng Kamell
oder e schéinen Engel?

Vläicht ass et jo e Stär,
e Ball, en Zuch, eng Pëppchen,
e klengen Dännebam –
vläicht d'Këndchen an der Krëppchen.

E Liicht, dat brennt



`lo fänke mir eis Käerzen un,

`lo gëtt et hell a waarm,

e Liicht, dat brennt fir jiddereen,

fir räich an och fir aarm.

Eng, zwou, dräi, véier Käerzen

Eng, zwou, dräi, véier Käerze brennen.

't richt no Kichelcher an Dännen,

't richt 'sou gutt aus onser Kichen.

Een, zwee, dräi, du muss 'lo sichen!

Jo, dann ass Advent



1. Kommt erbäi a kuckt all d'Liicht,
wat bis an eis Häerzer liicht.
Gottes Kand wäert Hoffnung bréngen,
loosst eis sangen an him déngen.
Wann elo déi éischt Käerz brennt,
jo, dann ass Advent.

2. Kommt erbäi a kuckt all d'Liicht,
wat bis an eis Häerzer liicht.
Gottes Kand wäert Frëndschaft bréngen,
loosst eis sangen an him déngen.
Wann elo déi zweet Käerz brennt,
jo, dann ass Advent.

3. Kommt erbäi a kuckt all d'Liicht,
wat bis an eis Häerzer liicht.
Gottes Kand wäert Léift eis bréngen,
loosst eis sangen an him déngen.
Wann elo déi drëtt Käerz brennt,
jo, dann ass Advent.

4. Kommt erbäi a kuckt all d'Liicht,
wat bis an eis Häerzer liicht.
Gottes Kand wäert Fridde bréngen,
loosst eis sangen an him déngen.
Wann elo déi véiert Kaërz brennt,
jo, dann ass Advent.

Adventskalenner

Adventskalenner, eng fei Saach,
eng Iwwerraschung fir all Dag.

Haut maachen ech eng Dierchen op,
do steet all Dag eng Ziffer drop.

A wa keng Dierchen ass méi zou,
ass Chrëschtdag do, wat sinn ech frou.

Meng Käerz



1. Kuck meng Käerz, wéi liicht se,
hell a mengem Haus,
wa si genuch geliicht huet
da blosen ech, da blosen ech,
da blosen ech se aus:
„Pf! pf! pfff!“

2. Kuck meng Käerz all mueres,
dann ass si nees drun,
well wa si dann nees liichte soll,
da fänken ech, da fänken ech,
da fänk'n ech si nees un:
„Tsch! tsch! tschschsch!“

Da kommt all kucken

Da kommt all kucke wat mir hunn,
e Kranz mat roude Bänner drun.

A véier Käerze sti bereet,
si ma'n eis véier Woche Freed.

Mir waarden op een



Mir waarde, waarde, waarden,
op een, deen eis versteet,
dee weess, wat mir um Häerz hunn,
deen ëmmer mat eis geet.

Dee weess, firwat mir laachen,
firwat mir traureg sinn,
dee weess, datt mir vill froen
a muenches net verstinn.

Mir waarde, waarde, waarden,
op een aus eiser Mëtt,
fir eis de Wee ze weisen,
op deem et Fridde gëtt.

Deen uerteelt net wéi d'Mënschen,
kuckt net ob aarm, ob räich,
dee mécht keng Ënnerscheeder,
bei deem sinn d'Mënsche gläich.

Dännebam am grénge Bësch

Dännebam am grénge Bësch,
free dech, 'lo ass d'Zäit fir dech.

Kënns du da bei eis an d'Haus,
fiize mir dech schéin eraus!

De Chrëschtbeemchen



1. E schéine gréngen Dännebam,
dee steet an onsem Gaart,
d'ganzt Joer huet hie voller Freed
op dës schéin Zäit gewaart.

Hien ass 'sou gär e Chrëschtbeemchen,
dat mécht e richteg frou,
mir rëschten hien duerfir all Jo'r,
an dat ma'n mir esou:

2. Fir 't éischt hänke mir Luten drun,
déi liichte wonnerschéin,
a Kläckelcher, déi bimmelen
a ganz verschidd'nen Téin.

Och Stäre, Bullen, Engelcher,
déi mir gebastelt hunn,
'puer Nëss a sëlwer Dillendäpp,
déi hänke mir 'lo drun.

3. Den Dännebeemchen ass gerëscht,
hien ass e Chrëschtbam ginn,
kuckt houfereg op ons erof
wa mir rond'rëm hie stinn.

Mir huelen ons all mat der Hand
a sangen him e Lidd,
vun dëser schéiner Chrëschtdagszäit,
vu Léift an och vu Fridd.

Bake fir Chrëschtdag

Knieden a klappen,

réieren a rappen,

dréinen a kéieren,

Fangeren dran zappen,

schneeke, probéieren,

d'Mailche garnéieren,

lecken a schmaachen,

lauter gutt Saachen.

De Stär vu Bethlehem



1. Haut, do blénken dausend Stären,
an et liicht ee Schäin sou hell,
aus dem Himmel 'rof vu fären,
liicht bis an déi däischter Welt.

Ref.: Liicht sou hell, liicht sou hell,
liicht bis an déi däischter Welt.

2. Haut, do blénken dausend Stären,
och de Mound, deen hällt haut Wuecht,
an dee schéinste vun de Stären,
dee liicht duerch déi däischter Nuecht.

D'Déiere vu Bethlehem

1. Mir Déiere vu Bethlehem
si mat der Nues virbäi.
Mir kënnen d'Kand gutt kucken,
eis ronderëm hatt duck'len,
mee krazen a kazen,
kazen a krazen,
dat gëtt et net hei.

2. Mir Déiere vu Bethlehem
probéi'ren haut e Lidd
fir d'Këndche frou ze maachen.
Vläicht wäert et da laachen,
mir summen a brummen,
brummen a summen,
a ginn ës net midd.

Am Stall zu Bethlehem



1. Tëschent dem Ochs am leselchen,
schlof, schlof, schlof mäi Këndche schlof.
D'Engelen hale Wuecht, d'Engele gi gutt uecht,
passen op dech op an dëser hell'ger Nuecht.

2. Op dem Maria sengem Aarm,
schlof, schlof, schlof mäi Këndche schlof.
D'Engelen hale Wuecht, d'Engele gi gutt uecht,
passen op dech op an dëser hell'ger Nuecht.

3. An de Jousef suergt fir dech,
schlof, schlof, schlof mäi Këndche schlof.
D'Engelen hale Wuecht, d'Engele gi gutt uecht,
passen op dech op an dëser hell'ger Nuecht.

4. Bei den Hierden an de Schof,
schlof, schlof, schlof mäi Këndche schlof.
D'Engelen hale Wuecht, d'Engele gi gutt uecht,
passen op dech op an dëser hell'ger Nuecht.

Eng wackleg, hëlze Krëppchen

Dohanne liicht am décke Wanter
duerch d'Äscht eng driipseg, blatzeg Lanter.
Sot, wien ass do blouss doheem,
do tëschent kalen Dännebeem?

Ma kuckt mol gutt: hei am Gestrëpp,
do steet eng wackleg, hëlze Krëpp;
an trotz dem Wand, an trotz dem Schnéi
schléift do e Puppelchen am Stréi...

E klengt Chrëschtlidd



1. An der grousser hell'ger Nuecht,
halen dausend Eng'le Wuecht,
bei der Krëpp vum Jesuskand,
sangen him a Reen a Wand:
„Gloria, gloria in excelsis Deo."

2. An der grousser hell'ger Nuecht,
Hierden hunn hiert Häerz geluecht,
virun d'Këndchen an der Wéi,
dat do schléift op haardem Stréi.
„Gloria, gloria in excelsis Deo."

3. An der grousser hell'ger Nuecht,
huet e Kand säi Fridde bruecht,
huet zum Seenen d'Hänn gebreet,
iwwert d'Welt an all hiert Leed.
„Gloria, gloria in excelsis Deo."

Mir feiere Sylvester

Mir fei'ren haut Sylvester,
dat mécht ons richteg Spaass,
a schéissen op d'Rakéiten
bei ons hei an der Gaass.

Kuck d'Freedefeier fénkelt
sou hell an däischt'rer Nuecht!
Sou vill schéi faarweg Stären
huet et derbäi nach bruecht.

Et ass scho spéit, mir gaapsen,
an d'Bett gi mir elo,
a wa mir mar erwächen,
dann ass Neijooschdag do!

Dräikinneksdag



En helle Stär, dee liicht
schéi wäit iwwer Bierg an Dall.
Dräi Kinneke ginn him no,
a fannen d'Kand am Stall.
Si hale jiddereen
e Cadeau an der Hand,
a schenken déi schéi Saachen
dem klenge Jesuskand.

Haut denke mir nach gären
un dës Geschicht zeréck.
Mir bast'len eis eng Kréinchen,
an dat mat vill Geschéck.
De Kinnekskuch, dee steet
scho prett bei eis um Dësch,
a wann ech d'Béinche fanne,
jo, da freeën ech mech.

Mir hu matgeschafft:

Zinglabumm-Team:

Michèle Antony, Karin Di Genova-Feller, Jeanny Jungbluth, Heng Kleren,
Simone Pletschette, Yvette Schulté, Simone Thill-Buchmann, Christiane Zahlen.

D'Solisten am Studio:

Marguerite Anselnin, Lara Elgas, Nora Helfenstein, Deborah Hopp, Quincy Olonani,
Jeanne-Marie Origer, Noémie Schockmel, Nicolas Thomé, Max Urbany, Elisa Zuccoli,
esou wéi d'Marion Welter an den Änder Hirtt.

Am Studio hu matgeschwat:

Marguerite Anselnin, Philippe Schmit, Maurane Voordeckers, Lee Weisgerber,
Imani Weisgerber, an den Änder Hirtt.

Am Zinglabumm-Chouer hu matgesongen:

ANTONI Anna, BLANC Pauline, CALNAN Laura, CALNAN Eleanor, CHAMBERS Ella, ELGAS Lara
FLAMMANG Sven, FOLEY Niall, FRANCHETTI Carla, GANGOLF Laurence, GINDT Alessio
GINDT Laura, HELFENSTEIN Sandrine, HELFENSTEIN Nora, HOFFMANN Laura, HOPP Deborah
KRUCHTEN Anne, LENTZ Lis, LIESER Lea, MAFFEI Alessandro, MATTE Capucine, MOES Magalie
MOES Noémie, MULLER Lucie, OLOMANI Quincy, ORIGER Jeanne-Marie, PEIFFER Léa
PEIFFER Camille, ROLAND Noémie, ROULLING Lara, SCHAMMEL Melissa, SCHMARTZ Philippe
SCHOCKMEL Noémie, SCHUMACHER Sarah, STORANI Chiara, STORANI Elisa,
VON KUNITZKI Sophie, VOORDECKERS Maurane, WEBER Maité, WERER Félix, WILLEMS Joyce
WIRTGEN Louise, ZAGORSKI Nicolas.

E grousse Merci geet un:

- de Kulturministère fir seng finanziell Ënnerstëtzung
- d'Madame Erna Hennicot-Schoepges, Presidentin vum INECC Lëtzebuerg
- d'Chantal Grandclair, Directrice Administrative vum INECC Lëtzebuerg
- de Camille Kerger, Direkter vum INECC Lëtzebuerg
- d'Superdreckskëscht fir hir finanziell Sprëtz
- den Änder Hirtt an un d´Équipe vu Moskito Productions.

En décke Merci geet un:

d'Kanner an un d'Eltere vun eisem Zinglabumm-Chouer,
esou wéi och un d'Suzette Thomé-Schneider, déi eise Chouer dirigéiert huet.

E ganz spezielle Merci geet un de Comité vum Zinglabumm-Chouer:

Susy Thomé-Schneider, Pascale Kohn, Leon Schammel, Manon Helfenstein,
Daniel Lieser, Michèle Foley, Nadine Urhausen, Marc Peiffer, Camille Kerger,
Christiane Zahlen.

Arrangementer a Programmatioun vun de Museken:

Patrick Hartert

Enregistrement:

D´Soliste mat hire Lidder a Spréchelcher goufen am Studio vu Moskito Productions zu Bartréng vum Eric Bintz opgeholl.
Den Zinglabumm- Chouer gouf am WPA-Studio zu Dummeldéng vum Chris Simon opgeholl.
D´Lidder goufen am Minimix-Studio zu Uewerkäerjeng vum Heng Kleren gemixt.

Lëtzebuergesch Korrekturen:

Lucien Czuga

Nouten:

Petz Hartert

Layout vum CD:

Moskito Productions an Zesummenaarbecht mam Alain Brizzi.

Produktioun vum CD:

moskito productions 8, rue des Mérovingiens - z.a.i. Bourmicht, L-8070 Bertrange - www.moskito.lu

Zinglabumm

Band 7

Titel	Bemierkung	Auteur	Verlag
De Boxemännchen		T: Tunn onner	
Bei der Fënster am November	Aus: Kannerlidderbuch	T/M: Josette Fabeck	St Paul
Ech setzen de Schong	Aus: Alle Jahre wieder	T/M: Gerda Bächli L/T: Jeanny Jungbluth“	Pan Verlag
Léiwen Ieselchen		T: Team Zinglabumm	
Am Uewe potert d'Feier		T/M: Christian Clement	
Den Housécker (Lidd)		T/M: Jeanny Jungbluth	
E grousse Kuchemann		T: Onbekannt	
Kanner, loosst mer lëschteg sënn	Aus dem Däitschen iwwersat (trad.)	M: trad. Volleksweis	
Zinniklos, vergiess mech net	Aus: Lieber Herbst und lieber Winter	M: Detlef Jöcker T: Rolf Krentzer L/T: Yvette Schulté“	Menschenkinder
Den Housécker (Spréchelcen)		T: Christiane Zahlen	
Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen	Traditionell	T: Willy Goergen M: Pëppi Beicht“	
Nach eemol ginn ech schlofen			
Wat rabbelt bei eis an der Strooss?		M: Karl Foltz L/T: Simone Thill“	
Mäin Teller		T: Christiane Zahlen	
Ei, de Kleesche kënnt geschwënn			
Lu-lu-lu-lu-luussen	Aus: Kannerlidderbuch	T/M: Josette Fabeck	St Paul
Den Zinnikleeschen		T: Marcel Reuland	
Chrëschtdag ass gläich!	Aus: Hört ihr alle Glocken läuten	M: Detlef Jöcker T: Rolf Krentzer L/T: Team Zinglabumm“	Menschenkinder
Ech maachden eng Dir op		T: Christiane Zahlen	
E Liicht, dat brennt	Traditionell	M: trad. Volleksweis L/T: Christiane Zahlen“	
Eng, zwou, dräi, véier Käerzen		T: Team Zinglabumm	
Jo, dann ass Advent	Aus: Hört ihr alle Glocken läuten	M: Detlef Jöcker T: Rolf Krentzer L/T: Team Zinglabumm“	Menschenkinder
Adventskalenner		T: Yvette Schulté	
Meng Käerz	Aus: Kleine Kerze leuchte	M: Anke Jöcker T: Rolf Krenzer L/T: Yvette Schulté“	Menschenkinder
Da kommt all kucken	Aus: 1-2-3- lass		Erwuessebildung
Mir waarden op een	Aus: 1-2-3- lass	M: René ponchelet T: Ima Hellbach“	Erwuessebildung

Titel	Bemierkung	Auteur	Verlag
Dännebam am grénge Bësch		T: Karine Feller	
De Chrëschtbeemchen		T: Jeanny Jungbluth	
Bake fir Crëschtdag	Aus: Déi heemlech Zäit		Action fam. et pop.
De Stär vu Bethlehem	Aus: Heute leuchten alle Sterne	M: Detlef Jöcker T: Rolf Krentzer L/T: Yvette Schulté“	Menschenkinder
D'Déiere vu Bethlehem	Aus: Wou geet et hei op Bethlehem?		Erwuessebildung
Am Stall zu Bethlehem	Traditionell	M: Traditionell T: Team Tinglabumm“	
Eng wackleg, hëlze Krëppchen	Aus: Allerhand Duercherneen	T: Josy Christen	Instituteurs Réunis
E klengt Chrëschtlidd		T: Albert Elsen M: Mathieu Lamberty“	
Mir feiere Sylvester		T: Jeanny Jungbluth	
Dräikinneksdag		T/M: Jeanny Jungbluth	

T = Text, L/T = Lëtzebuerger Text, M = Musek, M/T = Musek an Text D/I = Danz-Instruktioun, S/I = Spill-Instruktioun